



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

An Däitschland huet de Minister fir den Interieur Seehofer an der Äntwert op eng « kleine Anfrage » vun der FDP geäntwert, dass der Bundesregierung hirer Aschätzung no sougenannte Sproochassistenten (wéi Alexa, Siri, ...) keng nei Geräteklass fir de Legislatueur wieren an domadder d'Geräter souwéi d'Daten, déi se ophuelen an deelweis an der Cloud späicheren, kéinte per Perquisitioun bei Ermëttlung benotzt ginn.

An dësem Kontext erkläert déi däitsch Regierung, dass dës Assistenten och kéinte benotzt gi fir Verdächtige ofzelauschteren ouni, dass dobäi nei Gesetzer géife gebraucht ginn. Dobäi gëtt ausser Uecht gelooss, dass dës Assistenten heefeg net nëmmen hir Besëtzer ophuelen, mee och hir Kanner, Gäscht an aner Occupante vun de Wunnraim.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Date vu Sproochassistenten ouni nei Gesetzer Objet vun enger Perquisitioun kënne sinn?
2. Ass et der Regierung hir Aschätzung, dass d'Oflauschtere vun engem sougenannte Sproochassistent duerch bestoend national oder europäesch Legislatioun couvréiert ass?
3. Goufe well Sproochassistenten am Kader vun Enquëten zu Lëtzebuerg vun der Police matgeholl an/oder ausgewäert? Wa jo, a wéi vill Fäll?
4. Goufen am Kader vun Ermëttlungen zu Lëtzebuerg well Demanden u Cloud-Entreprise gemaach fir déi opgeholl Date vu Sproochassistenten ze kréien? Wa jo, wéi vill? A wéi ville Fäll hunn d'Operateure vun enger Cloud des Daten erausginn?
5. Goufen am Kader vun Ermëttlungen zu Lëtzebuerg aner Geräter wéi Telefonen ofgelauschert? Wa jo, wéi eng Typpe vu Geräter?
6. Des Weideren, wéi heefeg gëtt den Outil vum Oflauschteren, opgelëscht no Typ vu presuméierter Infraktioun, der Dauer vun der Observatioun, dem Gerätetyp an dem Joer zanter 2014 agesat?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu